Bild 55: Grafik 1: Entwécklung vun der Memberszuel säit de 60er Joeren bis zur Joerhonnertfeier

²³² Statistik nach Daniel Erpelding „Rull de Wack“, Aachen 1997. S 66 und 75

Ab den 90er Jore goufen d'Memberslëschte vum AVL lues awer sécher digitaliséiert, esou dass hei méi präzise Donnéeën virleien. Deemno louch d'Fraequot an den 90er Joer bei Ronn 9%. Mam Anzuch vum Computer an all Haushalt, goufen och d'Memberslëschte méi konsequent digitaliséiert, esou dass mer mi genee wësse wéi sech d'Fraequot entwéckelt huet (Grafik 2 heidrënner). Des Entwécklung ass änlech ewéi déi op der gesamter RWTH: d'Unzuel u Fraen am AVL hellt kontinuierlech zou, allerdéngs si mer nach e Stéck vun den 30% Prozent ewech di d RWTH hautdesdaags opweises huet.

D'ENTWÉCKLUNG AM COMITÉ VUM AVL



Punkto Fraequot kennt de Comité vum Akademescher Veräin d'Lëtzebuerger eng änlech Entwécklung. Trotz der

Bild 56: Grafik 2: Fraenundeel a % am AVL säit den 90er Jore bis haut

Grënnung vum AVL am Joer 1897, huet et bal 80 Joer gedauert bis dass di 1. Fra sech getraut huet dem Comité bäizetrieden. D'Mariette Mai ass 1974 als Sekretärin „vereedegt“ ginn, leider huet hatt et just 2 Wochen op sengem Posten ausgehalen an ass dann demissionéiert. Wourunner dat wuel leie kéint...

12 Joer drop huet sech eng wieder Fra, d'Gabrielle Retter an de Comité gewot. Him wäert et besser gefall hunn, well hatt ass 1987 di 1. Vice-Presidentin vum AVL ginn an dat zwee Joer hannerteneen.

An den 90er Joren ass di 1. Sekretärin gewielt ginn, d'Sandrine Igel. Tâche als Sekretärin huet hatt vun 1991-1992 ausgefouert.

Wéi der gesitt kann een d'Fraen di bis an d'2000'er am Comité vum AVL waren op enger Hand opzielen. Ab deem neie Joerdausend sinn awer dunn ëmmer méi regelméisseg Posten am AVL vu Frae besat ginn an et ass seelen e Joer gi wou d'Männer am Comité keng weiblech Ënnerstëtzung haten (Grafik 3 hei drënner).




Bild 57: Grafik 3: Unzuel u Frae par Rapport zu Männer am Comité vum AVL

Och e sougenannten Doris Klitt war ganz beléift bei de Wieler, leider huet hatt sech ni perséinlech am Comité weise gelooss an huet seng Mandater ni ugetrueden.

2017 war et dunn esou weit an den AVL sollt seng 1. Presidentin kréien: d'Annick Hoffmann! Chapeau! Iwwer 100 Joer sollte vergoe bis dass eng Fra un der Spëtzt vum Traditiounsveräin ass. Weiblech Ënnerstëtzung krut hatt vu weidere 4 Fraen, esou dass 2017 éischtmoleg genee esou vill Fraen ewéi Männer am Comité waren.

An der Generalversammlung vum 20.01.2021 gouf dunn nees eng Presidentin gewielt: d'Jeanne-Marie Wagener.

Wéi der gesitt ass et iwwert Jore lues a lues zu enger Selbstverständlechkeet ginn, dass Frae Mandater am Comité iwwerholl hunn an sech fir de Veräin agesat hunn.

D'ENTWÉCKLUNG BEI DEN ANCIENS VUN OUCHEN

Kuckt een sech di aktuell Memberslëscht vum den Anciens vun Oochen un, muss ee gutt siche fir ënnert den 160 aktive Memberen d'Fraen ze fannen. Just 15 Frae si momentan Member vum Anciensveräin. Vu dass Zuele vun de Fraen am Studenteveräin AVL di lescht Jore stänneg an d'Luucht gaange sinn, ass d'Hoffnung do dass si no hirem Studium de Wee bei d'Anciens fannen.

D'ENTWÉCKLUNG AM COMITÉ VUN DEN ANCIENS

Am Comité vun den Anciens ass d'Situatioun nach méi dramatesch. Réischt 2016 hunn sech di 2 éischt Fraen entscheet an de Comité vun den Anciens ze goen. Dëst waren d'Caroline Gaspar a meng Wéinegkeet Sophie Hellinghausen. Mir sinn den Anciens bis dato trei an hoffen op weider weiblech Ënnerstëtzung an de nächste Joren.

Ewéi der gesitt, huet sech vill gedoen punkto Fraequot zu Oochen. Net nëmmen d'Bild vun der Oochener Uni huet changéiert ma och dat vum AVL a sengem Comité huet sech vill verännert: vun engem rengen Männerclub, zu engem geschlechtlech ausgeglachene Veräin, wou d'Fraen sech net scheien fir sech z'engagéieren an am Comité di wichteg Poste vun der Presidentin, Vice-Präsidenten, Tresorière a Sekretärin z'iwwerhuelen. A wie weess, villäicht sinn ab nächste Joer souguer méi Fraen am Comité ewéi Männer... et wier ze hoffen, vu dass d'Virdeeler vun engem weibleche Leadership op der Hand leien... 😊



Bild 58: De Männerchouer an der Réiser Stuff 2005

7 JOËR DIRIGENT VUM OCHENER MÄNNERCHOUER²³³

Ech ka mech nach genau u meng éischt Prouf am Männerchouer erënneren. Dat war am Oktober 2001. Am „Eimer“ (vill Leit vun iech wäerten deen net méi kennen, well mir scho laang net méi do ware ☺) war d'Soirée de Bienvenue. Dëst war dann och déi éischt Méiglechkeet am Semester fir de Männerchouer, nees mat de Prouwen unzufänken. D'AGAPE stoung virun der Dir. Ech hat schonn iert ech ugefaangen hunn, duerch de Guy an de Jean-Marie, vum Ochener Männerchouer héieren, an hunn dat direkt genial fonnt, a wollt vun Ufank un dobäi sinn. Deemools war de Poli nach Dirigent. Ech ka mech och erënneren dass ech an engem Lidd direkt schonn e Feeler un eisem Geséngs erkannt hunn. Ech mengen et war „Eng Dréppchen“. Ech hunn dunno de Poli natierlech direkt missen a Kenntnis setzen, wat awer bei deen aneren net sou gutt ukomm ass. „Domme Sale Bleu“ koum et vu riets a lénks. Dee Moment hat ech scho geléiert, dass een Aalbewäertes net ännere soll: Och wann net gesonge gëtt wat op den Noute steet, soulaang et gutt kléngt a scho Joren sou gesonge gouf, da bleift et dobäi. Op der AGAPE deemools konnt ech awer leider net dobäi sinn.

2002

Deen éischten Optrëtt hat ech op dem Suff senger Hochzäit, am Mee 2002. Hei hunn ech um Piano gespillt, wéi och e Mount spéider um Ponttorfest. Ech mengen et war och deemools déi éischt Kéier am Gewölbekeller vum Hauptgebai.

Fir de Poli war dat awer leider de leschten Optrëtt mam Ochener Männerchouer. Hien huet eis Richtung I.S.T. verlooss. Et war zu Gréiwemaacher um Concert vun den „Dubliners“, wou hie mech gefrot op ech net wéilt Dirigent gi. Ouni ze zécken hunn ech jo gesot.

Wat hat ech mir nëmmen dobäi geduecht.....

²³³ Desen Text gouf schon eng Kéier am Summersemester 2009 am „Um Karel No 38“ publizéiert. Do op de Säiten 6 bis 21. D'Fotoen sinn awer gréisstendeels anerer, d'Originalfotoen vun 2009 sinn net all iwwerliwwert.

Als éischt Aktioun vun engem neie „Schouljoër“ stoung dann nees d'AGAPE um Programm. Dat war mäin éischten Optrëtt als Dirigent vum Oochener Männerchouer. Deemools nach zu Bech beim Steinmetz. Et war ëmmer e wäite Wee bis an den Osten, mee en huet sech ëmmer gelount. Eleng scho wann den Armand (Steinmetz) um Schluss mat sengem Drëppe-Weenche komm ass.

2003

De Recht vun der Saison war et roueg, bis zum Ponttorfest am Juni 2003. Eng éischte Kéier hunn ech dierfen den Oochener Männerchouer virun den Oochener dirigéieren. Deemools hunn d'Leit och nach all bis zum Schluss nogelauschtert.....

An der Semesterwakanz hat den nächsten Ancien eis op seng Hochzäit invitéiert. De Pitti hat eis op Jonglënster op de Golf geruff. Getraff hate mir eis am Pico Bello zu Jonglënster fir eis waarm ze sangen. No engem Lidd a 4 Béier hu mir eis dunn op de Wee Richtung Golf gemaach. Hei gouf et Champes a Schnittercher iert mir dem Pitti d'Éier erweisen hunn.

Am Oktober war d'REEL zu Tréier. Och hei huet den Oochener Männerchouer natierlech net dierfe feelen. Op der grousser Trap op der Marie-Astrid hu mir gesonge, Donneschdes Moies un 10:00. Eng ideal Aktioun fir 4 Deeg Spaass unzufänken.

Déi nächst Saison gouf dann nees mat der AGAPE zu Bech agelaut.



Bild 59: Im Gewölbekeller 2003



Bild 60: Auf der Foire de l'étudiant 2003

2004

Als nächst kuum eng Aktioun déi ech scho bal nees vergiess hat. Op Ufro vum Jonny aus der MOB huet den Oochener Männerchouer am Januar 2004 e klengen Optrëtt an der Motorbar gi, op engem gewéinlechen Thekenabend. Op d'Preisen trotz Nouten déi si ausgedeelt kruten, verstane hunn wat mir gesungen hunn, sief dohigestallt.

Den 1. Mee hunn mir eng éischte Kéier der ACEL „Happy Birthday“ gesonge. Eisen Daachverband hat dat Joer hiren 20ten Anniversaire am Cercle an der Stad gefeiert. An als musikaleschen Entre-Acte tëscht de schéine Wieder vun den héije Gäscht kuum natierlech keen aneren wei den Oochener Männerchouer a Fro. No der Receptioun hu mir awer scho rëm missen heem. Den Highlight vun deem Dag war souwisou d'Waarmsangen um Kiosk op der Plëss. Mir kruten nämlech Applaus vun de Leit op den Terrasse ronderëm. An dat an enger Prouf!

Déi gréisst Aktioun an deem Summersemester waren awer d'Opnamen zu eiser CD „Den Oochener Männerchouer ... op der Sich nom verluerenen Toun“. No enge jett ustrengende Prouwen zu Oochen hu mir eis op der Houschter Déckt beim Koeppe Jhemp fir e Weekend Musical zesummefonnt. 2 Deeg laang geprouft, gutt giess, e puer Klatze gehäit an no gedoener Aarbecht gouf et dann och deen een oder anere Béier. Op alle Fall war et en ustrengende Weekend.

Natierlech gëtt op sou engem Weekend vill domm geschwat. Dofir hei déi bescht Zitater:

- „Léiwer héich wéi richteg“ (D'Hechterchter aus der Stad)
- „Denkt drun am leschten Takt den Wupp un ze halen“ (Lëtzebuerger Spezialitéiten)
- „Wann der dat lo richteg sangt, get et eng lwwerraschung: Ech doë mech plaqueg aus an da kënt dir u mir fummelen“ (Wild Rover)
- „Ech kréien en net héich“ (Guy Lux), op dem Dirigent säin Opruff: „Dee laang ausgehalenen „e“ ass méi héich wi dee virdrun“ (La donna é mobile)

En décke Merci geet hei un de Koeppe Jhemp, dass mir seng Keelebunn als Proufsall kruten, an dass mir sou gutt bekacht goufen.

Mee fir sou eng CD ze produzéiere brauch ee méi wéi just e Chouer. Ogheholl gouf dat Meeschterstéck vum Philippe Matge, a senger Stuff. Un dëser Stell also e grouse Merci un dech Philippe! An Merci dem Daniel Toth vun CD-Press fir déi gutt a schnell Aarbecht.

Am Juni, huet et nees geheescht: Wäin drénken op Lëtzebuerg!

A well d'ACEL dat Joer nach ëmmer hiren 20ten Gebuertsdag hat, hu mir hinnen dann och am Juli um ACEL's-Bal um Bouillon gesonge. Dat war eise gréisste Feeler. Si hunn eis gewollt, mee näischt fir eis gemaach. No zwee Lidder an nodeems déi vu Cluster 5 eis d>Show geklaut hu ware mir nees erof, an hu mat Béier dat bescht aus dem Owend gemaach.

Eng Woch dono hu mir zu Schengen am Park vum Schlass gesonge. De Chris hat dem Conny d'Jo-Wuert gi, a mir engem laangjäregen Oochener a Sänger e kleng Ständchen.

2004 war d'AGAPE an der Briddeler Stuff. De Kascht war hei e bësse méi rau wéi beim Steinmetz zu Bech. E Fierkel vum Spieß gouf et mat Speckgromperen a Saubounen. E puer alen Anciens wäert et wuel net geschmaacht hunn, well d'Joer drop si mir nees dichteg iesse gaangen.

2005

Et war nees Zäit fir eng Hochzäit, de Luti, och jorelaang zu Oochen an am Männerchouer huet eis op Holzthum an d'Eisléck invitéiert fir him bei Schampes a Béier e puer Lidder zum beschten ze gin. Des war di lescht Hochzäit wou mir bis lo invitéiert goufen. Mee anscheinend huet de Franky schon ugklappt. Mir kommen natierlech gäer => D'CD war zwar schon sou gutt wéi an der Këscht mee et hunn nach e puer Lidder gefeelt. Déi goufen dunn 2005 op der Ponttorfeier Live opgeholl. E Merci geet hei un den Heni, deen deen Owend den Tounmeeschter war. Domat war de Projet CD ofgeschloss an se konnt an den Drock goen. An hei geet och e grouse Merci un den Tequila's Dan an un den Hoffi, déi dee super Cover a Booklet gemaach hunn. Dass de Fändel op der Foto schif houg hat näischt mat eisem Geséngs ze dinn ☺

Et war nees Zäit fir eng Hochzäit, de Luti, och jorelaang zu Oochen an am Männerchouer huet eis op Holzthum an d'Eisléck invitéiert fir him bei Schampes a Béier e puer Lidder zum beschten ze gi. Des war di lescht Hochzäit wou mir bis lo invitéiert goufen. Mee anscheinend huet de Franky schon ugeklappt. Mir kommen natierlech gär ☺

Am Oktober 2005 ass dunn net nëmmen d'CD offiziell rauskomm, mee och huet den AVL nees gewisen zu wat hie fäeg ass. D'REEL hunn si op Oochen geholl a véier groussaarteg Deeg organiséiert. Et war natierlech selbstverständlech dass den Oochener Männerchouer a senger Heemechtsstad opgetrueden ass. Op der éischter Soirée am Bar Museo.....

.... an op der Soirée Officielle am Casino, tëscht der Ochschwanzsuppe an dem kollektiven Nudismus.

Nodeems et dat Joer virun e puer Alen Oochener an der Briddeler Stuff net sou super geschmaacht huet, war et lo un der Réiser Stuff. Mee och hei huet net alles geklappt. De Béier war ofgelaf, de Service huet net geklappt, an d'lesse war och lo net sou berauschend. Virun allem wat d'Gréisst vum Plat ubelaangt. Amuséiert gouf sech trotzdem an och de Männerchouer huet, ënnerstëtzt vun den Anciens, nees alles ginn.



Bild 61: Op der Agape 2005

2006

Als Highlight vu menger Karriär bis dohi war eisen Optrëtt um Karlspräis. De Jean-Claude Juncker krut 2006 dës éierevoll Auszeechnung. Et hat gereent, mee dat huet eis net dovun ofgehalen um Katschhof virun der Empore op d'Éieregäschte ze waarden an de Wilhelmus ze sänge fir och den Heng ze begrüessen. Et war mir eng Éier eise Premier an eise Groussherzog bei der Heemecht ze dirigéieren. Dat kënnen der nach net vill vun sech behaupten.

Nom éischten Optrëtt war da Paus ugesot. Mir kruten eng Tut voll Bonge fir op de Stänn Béier ze kréien, mee meng Männer hunn de Lëtzebuerger Wäin am Lëtzebuerger Zelt dem Bitburger virgezunn, sou dass herno nach eng jett Bongen iwwreg waren, déi op dem dësjärege Karlspräis awer nach ënnert d'Leit bruecht goufen. Mee net just dat ass dobäi rauskomm. Déi meescht haten nees méi gedronk wéi se verdroen, wat een dann herno och op der Bün gesinn huet. Et hat also net vill bruecht dass ech se deen Dag virdrun owes um 12:00 aus dem Kaktus heem an d'Bett geschéckt hu fir dee Moien drop fit ze sinn. Et war grouse Kino, deen Optrëtt, och wann net mega vill Leit do waren, wéinst dem schlechte Wieder. Et ass awer just gutt gi well mir zolidd dofir geprouft hunn. E Proufdag beim Koepp Jhemp, an eng etlech Prouwen zu Betteng mam Pianist hunn et scho misse sinn. A wa mir scho beim Pianist sinn. E grouse Merci un de Fränz Theis, fir déi professionell Begleedung um Piano. A wa mir scho beim Piano sinn, e grouse Merci un den Här Beaujean vun der Musikschule Aachen fir de Stage-Piano dee mir zur Verfügung gestallt kruten. E leschte grouse Merci geet un den Här Olaf Müller vun der Abteilung Europäische Angelegenheiten vun der Stadt Aachen, dass hien eis dës groussen an eemolegen Optrëtt organiséiert huet.



Bild 62: De Comité vum AVL beim Karlspräis zu Oochen.

v.l.n.r. Jan LUX, Tom GOECKEL, Anne MAJERUS, Serge HOSCHIED, Ben MULLER, Patrick HOFFMANN, Max FISCHBACH



Bild 63: Beim Karlspreis 2006

No eisem groussen Optrëtt um Karlspräis ware mir all e bëssen ausgeleiert. Dofir war och den Optrëtt um Ponttor 2006 zolidd an d'Box gaangen. Et war, mengen ech, eise schlechtsten Optrëtt. Den Heini sot nach ech hätt sollen nom Karlspräis ophalen, nom Motto et sollt een ophale wann et am schéinsten ass. Et war deemools um Karlspräis och am schéinsten, a wann ech et sou gemaach hätt, hätt ech de Misär op der Ponttorfeier natierlech net méi misse mat erdroen, virun allem net als Dirigent. Mee Gott sei Dank, hunn ech awer weider gemaach, a bereien et net.....

Eisen éischten offiziellen an ëffentlechen Optrëtt zu Lëtzebuerg hate mir am September 2006 op der Plëss. D'UNI.lu hat den Oochener Männerchouer als musikaleschen Highlight invitéiert, den neie virwëtzen UNI.lu-Studenten op hirer Journée d'Information op der Plëss an der Stad e Stéck Lëtzebuerger Musek ze presentéieren. Och wann d'Organisatioun net sou super gelaf ass, et ware just 6 Sänger, obwuel ech der 12 erwaart hat, hate mir awer e flotten Nomëtten an der Stad. An och wann et gereent huet, dat huet de Garçon aus dem Hotel Francais net dovun ofgehale, eis mat Béier ze versuergen. Dofir hei e grouse Merci un de gudde Mann. Merci och dem Schwéier, well hien huet de Kontakt zur UNI.lu hiergestallt, an do e grouse Merci un den Här Francois Crabon deen dat ganzt organiséiert huet. Nom Optrëtt um Kiosk op der Plëss hu mir dem Stater Buergermeeschter an dem Direkter vun der UNI.lu am Foyer vum Stater Geschichtsmusée de Feierwon zum Beschte ginn.

2006 war d'AGAPE dann awer nees an der Briddeler Stuff, nodeems dat Joer virdrun sech och déi Réiser net vun hirer beschter Sait gewisen hunn.

2007

Eisen nächste groussen offiziellen an ëffentlechen Optrëtt hate mir am Juni 2007 zu Geilenkirchen. Dës kleng léif Stiedchen, 30km vun Oochen, huet eis am Kader vun hirer Manifestatioun: Geilenkirchen blickt auf Europa, a wou dës Kéier Lëtzebuerg dru war, invitéiert, fir eisen däitsche Matbierger Lëtzebuerger Gesangsgudd méi no ze bréngen. Ech hat mech e bësse verkalkuléiert wat d'Dauer vum Trajet mam Bus vu Lëtzebuerg, iwwer Housen, Oochen op Geilenkirchen ubelaangt. Knapps ware mir ukomm, hu mir scho missten op d'Bün, fir den éischten Deel vun eisem Optrëtt. No enger Paus, e puer Béier, an engem Optrëtt vun de Kaydallbléiser, war et dunn nees un eis. Als Kaddo huet dono eng Këscht mat Wäin aus der Géigend op eis gewaart. E grouse Merci dem Claude Mahowald, dem Guy sengem Brudder, dass en sech zougemuut huet eis um Piano ze begleeden. E Merci och un de Buschauffer dee mat eis e bësse Misär hat well den Hoffi d'Liedersëtzer mat Béier besuddelt hat. Ech hat de gudde Mann dëst Joer um Jonggesellenabschid vun engem Kolleg begéint (hien hat eis an d'Belsch op de Paintball gefouert). Hien konnt sech nach drun erënneren a sot dass et am Fong guer net sou schlëmm war. Merci dem Här Beaujean vun der Musikschule Aachen fir dass hien eis och des Kéier nees de Stage-Piano geléint huet. E leschte Merci geet dann un d'Madamm Ingrid Oeben vun der Stad Geilenkirchen fir d'Organisatioun vun dësem Optrëtt.

D'Ponttorfeier war 2007 fir d'éischt an zweetlescht am Aachener Fenster ☺ De Guy Lux ass souguer extra op Oochen komm, fir eis bei eisem Optrëtt ze hëllefen. A wéi och en anere grouse Lëtzebuerger Här op sengen Optrëtter, gouf hei de Guy bei sengem Antreffe mam Wilhelmus begréisst.

Dat Joer ware mir wierklech richteg a Faart. Eisen nächste groussen Optrëtt hate mir am August um Picadilly. Et war net alles ofgelaf wéi geplangt, mee trotzdem haten opmannst mir eise Spaass. An déi 3 Këschte Picadilly hunn eis an den ustrengende Prouwen am November an Dezember och gutt gedoen. Hei geet de Merci un de Michel Marx vum Greiweldenger Club des Jeunes deen eis deen Optrëtt erméiglecht huet.

Et war nees Zäit fir eng REEL. Des Kéier huet d'Destinatioun München geheescht. Freides mëttes sinn ech mam Guy Lux am Gepäck vu Lëtzebuerg an déi bayresch Hauptstadt gerannt, fir owes an der Nachtgalerie déi éischt Béier ze knacken. Den Oochener Männerchouer war réischt Samschdes un der Rei. Am Hotel Maritim hu mir de Studenten an de geluedene Gäscht eng Handvoll Lëtzebuerger Lidder presentéiert, iert eise Studenteminister seng Turnkënscht ënner Beweis gestallt huet.

Et ass engem bal dronke gi wéi et geheescht huet: Dëst Joer ass d'AGAPE nees zu Réiser. Hei hat awer lo alles geklappt, bis op eise Proufraum. Mir wollten eis nees wéi schonn 2 Joer virdrun op der Keelebunn warmsangen.

Dëst Joer war hannert där Dier awer déi nei Kichen..... Dunn hu mir eis alt an d'Keelt gestallt. Do ass de Béier dann och net sou schnell waarm gi.

Als Ofschloss vun engem grandiose Joer koumen eis Optrëtter um Oochener an um Eupener Chrëschtmaart. Um Aachener Weihnachtsmarkt opzetrieden war scho säit Laangem e Wonsch vu mir, an deemools hunn ech einfach mol bei der Stadt Aachen ugefrot op mir do kéinte matmëschen. Et war eng ganz nei Erausforderung fir den Oochener Männerchouer, mee ech war frou menge Männer weisen ze kënnen dass et och aner „cool“ Lidd gi, wéi just d'Hesperkustch an d'Dikrecher Béierlidd. Et war d'Geburtsstonn vun engem neien Ouerewuerm. „The Twelve Days of Christmas“ war deen Hit schlechthin. Am Ufank hat ech geduecht dëst Lidd wier dat schwéierst fir hinne bäizebréngen, mee do hat ech mech getäuscht. Auswenneg, a mat engem Fonkelen an den Aen hunn si et gesongen. Eng grouss Aktioun war och d'Organisatioun vun eise Weihnachtsmann-Kostümer. Un dëser Plaz e grouse Merci un de Misch, dee spontan fräiwëlleg mat mir bis op Daun gefuer ass fir d'Kostümer ofzehuelen. Dono konnt och näischt méi schif goen. E gelongenen Optrëtt hate mir um Katschhof. Iert et lass gaangen ass hat eise Pianist de Jo et awer nach e bësse spannend gemaach, wéi e wirklech just iert mir et ouni Begleedung wollte maachen, um Katschhof gelant ass, well en an der Klinik nach senge Pflichten huet missen nogoen. Merci Jo, dass du et nach gepackt hues. An och e grouse Merci un d'Madame Gudrun Dobrescu vun der Stadt Aachen.

Deen zweete Chrëschtconcert gouf et dunn zu Eupen. Den AVL hat do e Stand am Lëtzebuerger Eck vum Chrëschtmaart. Op där Plaz hu mir dann och eise Ständche gi, och wann e puer Kölner op Besuch waren ☺

Merci soen ech hei dem Hoschi deen dat Ganzt an d'Weeër geleet huet.

2008

Op der Ponttorfeier 2008 konnt dann den zukünftigen Dirigent eng éischte Kéier e bëssen Dirigenteloft schnupperen. Wéi sech dat Ganzt lo unhéieren huet kann ech net soen, well ech jo selwer net do war. Mee ech hunn an England awer un den Oochener Männerchouer geduecht. Hei geet e Merci un den Dax, dass hien do agesprongen ass.

Am November war ech awer schonn zréck, well ech et mir net huele wollt a mengem leschte Studentejoer den Oochener Männerchouer nach eemol bei den Anciens op der AGAPE ze dirigéieren. Deen Dag selwer war awer am Nomëtten nach een Optrëtt. D'ANEIL, den Ingénieurs-Studenten hiren Daachverband, huet seng 50 Joer an der Chambre de Commerce um Kierchbiere gefeiert. Dofir huet natierlech e Männerchouer dee bal just aus Ingenieursstudente besteet net hunn dierfe feelen. Merci Alzin, dass du eis geduecht hues. No 3 Glieder Wäin, 4 Béier, an nodeems mir eise Kaddo a Form vun 12 Fläsche Wäin entgéint geholl hunn, ass et Richtung Réiser bei d'Anciens gaangen. Dass mir Mëttes schonn en Optrëtt a genuch Alkohol haten, huet ee verschiddene Leit och ofgesi. D'Liewen als Muséikstar ass eben ustrengend. Musikalesch gesinn ware mir den Owend awer net onbedéngt e Star. Ech denken do un e Lidd wou ëm eng populäre Ballsportart geet...

Och dëst Joer stoungen zwee Chrëschtconcert'en um Programm. Och déi zwee Optrëtter waren no uneneen an zwar Freides a Sonndes op engem Weekend am Dezember. Deen éischten Optrëtt war zu Ettelbréck am Hôpital Saint Louis. Dem Yves Duhr säi Papp schafft do an huet eis deen Optrëtt erméiglecht. Merci Yves an dengem Papp. 3 mol 20 Minutten. 3 mol de selwechte Programm. Bei der leschte Kéier hate mir eis dunn och zesumme mam Pianist agespillt a ware prett fir déi Eechternoacher.

Zu lechternach hate mir e puer Startproblemer bis mir decidéiert hate wou mir da lo solle singen. Virun de Sailen vum Dënzelt hate mir eis opgestallt an e grousst Publikum ugezunn. Den häerzlechen Applaus huet eis du motivéiert eng Stonn dono nach eng zweete Kéier ze singen, an zwar virum Stand vum Club des Jeunes. Eisen Optrëtt huet och en Oochener lechternacher organiséiert. Merci Hoschi, dass mir konnten do singen. A Merci David fir déi top Fotoen. De gréisste Merci geet awer un de Pianobob, fir seng Begleedung op deenen zwee Optrëtter dee Weekend.

2009

Den éischten Optrëtt 2009 war an der Stad am Park Belle-Vue. Et huet nees Happy Birthday ACEL geheesch. Dës Kéier 25 Joër. Mir mussen an deene 5 Joer säit hiner 20-Joer-Party u Popularitéit gewonnen hunn, well des Kéier konnte mir fir d'lesse bleiwen, wat no laangem hinanhier dann och gratis fir eis war. Da séngt een natierlech gären.

Mäi leschten Optrëtt mam Oochener Männerchouer hat ech viru Kuerzem op der Ponttorfeier. Dëse Concert wäert ech am beschten an Erënnerung halen. Net just well et dee leschte war, mee och well ech gesinn hunn, wat ech aus dem Oochener Männerchouer konnt raushuelen, wann se nëmme wëllen. Ech soe just „The Lion Sleeps Tonight“. Zweek Méint hu mir un dem Stéck geprouft. Ech ka mech nach un déi éischt Prouf am Abrëll erënneren. An zwou Stonnen hate mir déi éischt 9 Takt duerch..... Ech war schonn no um Zwiwelen. Mee ech hunn et dunn awer duerchgezunn, well och meng Männer dat wollten. Neng Prouwe laang hunn ech si gestriizt. An et huet gehollef. Et huet um Concert einfach genial geklunge, eis beschte Versioun. E ganz grouse Merci u meng Sänger. An e grouse Merci un iech Oochener dass dir bei dem Lidd nogelauschtert a soumat dem Oochener Männerchouer äre Respekt erweisen hutt, a Merci fir den eemolegen Applaus dono.

Dat war nees en Highlight, an op dësem Punkt befollegen ech, méi oder manner fräiwëlleg, dem Heini säi Rot an halen op wann et am Schéinsten ass =*(

Richteg bewosst ginn dass et lo eriwwer war, ass et mir beim Dominique. E Lidd wat einfach Spaass mecht, an ëmmer anescht kléngt. E flotten Ofschloss a freedeg lescht Téin fir meng 7 Joer als Dirigent vum Oochener Männerchouer.

Deen Owend wäert ech awer och a gudder Erënnerung hale well ech op sou eng wansinneg häerzlech Aart a Weis verabschit gouf, wéi ech se mer ni virgestallt hätt. Merci AVL fir dee super Kaddo, e wäert eng Eiereplaz kréien. Merci Misch fir deng ergräifend Wieder.....

MERCI

Et war eng mega Zäit an eng super Erfahrung. Ech wäert déi Zäit mat allen Héischten an Déiwten ëmmer an Erënnerung behalen, genau wéi all déi motivéiert Sänger déi iwwert all déi Jorën Engagement gewisen hun.

- E grouse Merci also un all déi Sänger déi ech hun dierfen dirigéieren:
- Michel “Misch” Asorne, Philippe Alzin, Steve “Brongen” Braun, Laurent Calmes, Pol Dax, Yves Duhr, Chris Even, Jan Even, Max Friob, Tom Goeckel, Eric “Phons” Gonderinger, Michel Hansen, Michel Heckel, Ro Hilger, Luc Hoffmann, Patrick “Hoffi” Hoffmann, Paul “ Fläschepol” Hoffmann, Serge “Hoschi” Hoscheid, Mike Jaeger, Bob Kasel, Guy Lux, Jan Lux, Guy Mahowald, Jacques Meisch, Tom Rayeck, Carlo Reckel, Pit Schmit, Marc “Schultz” Scholtes, Pol “Poli” Schummer, Pierre “Piggel” Schweig, Jean-Marie “Wujjel” Strasser, Mike Strotz, Marc “Bass” Thill, Jo Tompers, Raymond Willems, Claude Wilverding, Mike “Wicht” Wolter
- An e grouse Merci un eis Aushëllefspianisten:
- Bob “Pianosbob” Edon, Claude Mahowald, Fränz Theis
- Merci och denen déi bei der Produktioun vun der CD gehollef hun:
- Philippe Matge, Alain “Heini” Heynen, Patrick “Hoffi” Hoffmann, Dan “Tequilas Dan” Heusbourg, Daniel Toth vun CD-Press
- E grouse Merci dir Poli dass du mech „auserwilt“ hues de Männerchouer ze iewerhuelen. Du hues mir doduerch eng eemoleg Erfahrung a lauter super Erliwanner beschert
- Merci dem Marcel “Bab” fir d'Lidd vum Oochener Student
- An nach emol Merci un déi déi an de leschte Jorën an irgendenger Hinsicht dem Männerchouer gehollef hun, oder him e wäertvollen Dingscht geleesch hun:
- Merci dem Koepp Jhemp fir d’Keelebunn fir de Weekend Musical fir d’CD
- Merci der Musikschule Aachen an dem Häer Beaujean dass mir de Stage-Piano fir eis Optrëtter um Karlspräiss an zu Geilenkirchen geléint kruten
- Merci dem Häer Olaf Müller fir den Optrëtt um Karlspräiss

- Merci dem Schwéier an dem Häer Carbon vun der UNI.lu fir den Opträtt op der Plëss
- Merci dem Garçon aus dem Hotel Francais op der Plëss fir de Béier
- Merci der Madame Ingrid Oeben fir den Opträtt zu Geilenkirchen
- Merci dem Buschauffeur dass hien eis gudd op Geilenkirchen bruecht huet an nees zréck
- Merci dem Michel Marx fir den Opträtt um Picadilly a Merci fir de Picadilly =)
- Merci der Madame Gudrun Dobrescu fir den Opträtt um Aachener Weihnachtsmarkt
- Merci eisem Misch fir d'Sichegoën vun de Weihnachtsmann-Kostümer
- Merci dem Jo dass hien et awer nach fir den Opträtt um Oochener Chrëschtmaart gepackt huet
- Merci dem Hoschi fir den Opträtt um Eupener Chrëschtmaart
- Merci dem Dax dass hien mech um Ponttor 2008 ersat huet
- Merci dem Alzin fir den Opträtt bei der ANEIL
- Merci dem Yves Duhr a sengem Papp fir den Opträtt zu Ettelbréck
- Merci nach emol dem Hoschi fir den Opträtt zu Iechternach a Merci dem dDavid fir d'Fotoen vun dem Opträtt
- E grouse Merci och un d'Anciens fir hir Ennerstëtzung an fir d'Invitatiounen op d'AGAPes
- De gréisste MERCI geet awer un den AVL, un Iech Oochener fir déi jorelaang Ennerstëtzung!

VIVE

- Vive den Oochener Student
- Vive den Dominique
- Vive den Twelve Days of Christmas
- Vive den The Lion Sleeps Tonight
- Vive den Oochener Männchouer
- Vive den alen Dirigent
- Vive den neien Dirigent
- Vive den AVL
- Vive de Comité
- Vive Oochen
- Vive de Jean-Claude
- Vive den Heng
- Vive Lëtzebuerg

Äeren Dirigent, den Theis, de Pascal

DEN AVL CHOUER AUS DER SIICHT VUM DIRIGENT

Di dräi folgend Bäitrag goufen 2024 nach nogereecht an ergänzen den Artikel vum Dirigent Pascal Theis hei virdrunn, deem jo just den Zäitraum von 2002 bis 2009 beschriwwen hat.

PHILIPPE WEIDES (2020 – 2024)

Wéi ech 2019 zu Oochen mäi Studium ugefaangen hunn, war de Männerchouer nach ënnert der Leedung vum Pierre Duhr. Obwuel d'Prouwe flott waren a mir och méi oder manner den Toun getraff hunn, sinn se leider méi oft ausgefall, wéi dass se stattfonnt hunn. Och membertechnesch hat de Chouer zu där Zäit een Déifpunkt, mir waren zu ca. 8 Mann – an dann och just wa jiddereen an der Prouf war. Op der Agape vun den Anciens an deem Joer hun den deemolege President Pit Jans an de Mathis Michels op mech ageried, ob ech net wéilt dem Pierre säi Posten iwwerhuelen, well hien am Januar 2020 souwisou géif ophalen. Ech wier jo motivéiert an ech hätt jo

och Erfahrung mat Musek sooten si. No net sou laanger Diskussioun sinn ech also op der AG 2020 als neien Dirigent virgestallt ginn an daat obwuel ech net emol do war.

Ech haat mer als Zil gesaat all Woch eng Prouf am Kaktus ze halen an daat huet och zimmlech gutt geklappt. Mat méi Prouwen hunn sech da no a no och ëmmer méi Leit dem AVL-Chouer ugeschloss – deen ass 2020 ëmbenannt ginn fir méi inklusiv ze sinn an och weiblech Stëmmen an eis Räng opzehuelen. D'Pandemie huet do leider e Stréch duerch déi Rechnung gemaach a sou huet de Revival vum Chouer nach e bësse misse waarden. Nodeems d'Restriktiounen dann endlech opgehewe goufen konnt den AVL-Chouer richteg lassleeën. Et war all Woch virum lëtzebuerger Owend Chouerprouf an all AVLER am Kaktus huet méi oder manner fräiwëlleg matgesong. Mëttlerweil ass et eng Ausnahm wa keng Prouf ass a motivéiert Sänger a Sängerinnen hu mer en Masse, also: Zil erreecht!

„Et soll een ophaale wann et am schéinsten ass“ heescht et jo oft, an daat hunn ech mir dëst Joer och geduecht an decidéiert den Dirigentestab weiderzeginn. De Choix fir de nächsten an der Rei war kee schwéieren, et war sou ze soen net emol e Choix, mee eng logesch Konsequenz. De Ben spillt an enger Musek, ass all Woch an der Prouf an ass héich motivéiert. Waat wëll ee méi?

De 25. Januar 2024 gouf de Ben offiziell zum Dirigent vum AVL-Chouer a mir hätten definitiv kee bessere kéinte fannen. Méi zu senger Erfahrung am Chouer zielt hien iech awer elo selwer.

BEN GRAAS (2024 – PRESENT)

Meng Erfarungen am AVL-Chouer hunn am Wantersemester 2021 ugefaangen. Ech krut mat dass Méindes um 20h00 Stammdësch ass an hu mer geduecht dat wier déi Richteg Platz fir nei Leit kennen ze léieren an an d'Studenteliewe kënne ran ze starten. Pünktlech um 20h hott et da geheescht mer genge sängen. Liescht iwwerfuert vun deene villen Texter hunn ech probéiert matzesängen. Et hott mech erstaunt wéi vill Leit matgemaach hunn a keen hott sech geschummt oder verstoppt. Déi Ambiance zitt mech bis haut nach ëmmer an de Kaktus.

Wie dunn de Bierbeachelor am Januar war, hott de Weides mer geschriwwen op ech Loscht hätt den AVL-Chouer ze iwwerhuelen. Dat ganz war bëssen onerwaart komm, well ech ni geduecht hätt dass de Weides willt ophalen. Et war mer schon iergendwéi bewusst dass ech de Posten eng kéier geng iwwerhuelen, mee dass et sou séier geng kommen hätt ech net geduecht. No net laangem iwwerleeë soot ech zou a war vun do un deen neien Dirigent.

Ech hat bëssen déi selwecht Visioun wie de Weides. All Méinde Prouf. Et war mer virun allem wichteg de Repertoire vum Chouer bëssen auszeschaffe fir net ëmmer déi selwecht 10 Lidder ze sängen. Bis lo sinn ech op liichte Widderstand getraff ,wann ech eppes Neies ustëmme wollt ,mee no der 3 Kéier sängen ass et da scho remm gutt. Eis AVLER sinn alt gewunnechts Déieren.

Dunn stoung schon deen eichten Optrëtt virun der Dier, eis Ponttorfeier. Mer hate 4 designéiert Prouwe fir déi mer extra een RWTH Sall reservéiert haten. Prouwen hunn ëmmer 1h30 gedauert a ware guer net schlecht besicht mat +-15 Sänger, an 2 Sängerinnen. Den Optrëtt selwer war genial. Se hu gesonge wie d'Engelcher. D'Sponsore ware begeeschtert, virun allem eis al Oochener, wat mech mega gefreet hott.

Ech si stolz, dass ech de Chouer leeden duerf a soen eisem Weides nach eng Kéier een décke Merci, dass ënnert senger Leedung de Chouer zu deem ginn ass wat e lo ass. Mer hunn Der vill ze verdanken.

DIRIGENTEN VUM AVL

Zesummestellung: Daniel Erpelding

Joer	Numm	Beleg	Bemierkung
1990	Sylvain Schrantz	1. Zeitung	Zeitung hat nach keen Numm
1991	Tom Roster	2. Zeitung	"
1991	Marcel Belche	Um Karel 3, SS 1990	
1992	Jean Metz	Eegen Erënnerung	Programm war staark un Dullemajiks orientéiert
1993	Marcel Belche	Um Karel 6, SS 1993	
1994	Marcel Belche	Um Karel 8, SS 1994	Organiste: Guy Putz
1995	Tom Roster	Um Karel 10, SS 1995	
1996	Claude Bellot	Um Karel 12, SS 1996	Belche huet den Oochener Student dirigéiert
1997	Claude Bellot	Eegen Erënnerung	
1998	Michel Asorne	Um Karel 16, SS 1998	Bericht vum Wicht
1999	Michel Asorne	Um Karel 18, SS 1999	Guff nit genannt, mee op der Foto gutt ze gesinn
2000	Michel Asorne	Um Karel 21, WS 2000	
	Siebenaler	Eegen Erënnerung	Vu Jama a Piggel
2001	Poli Schummer	Um Karel 38, SS 2009	Reprint vum Karel Artikel an desem Heft
2002	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	
2003	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	"
2004	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	"
2005	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	"
2006	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	"
2007	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	"
2008	Pascal Theis	Um Karel 38, SS 2009	"
2009	Pol Dax	Um Karel 38, SS 2009	"
2010	/	Um Karel 40, SS 2010, p. 5	
2011	Tom Goeckel	Um Karel 41, WS 2010, p. 5	
2012	Sacha Hack	Um Karel 45, WS 2012, p. 6	
2013	Sacha Hack	Um Karel 46, SS 2013, p. 7	
2014	Christian Joly	Um Karel 48, SS 2014, p. 43	
2015	Christian Joly	Um Karel 50, SS 2015, p. 7	
2016		Um Karel 52, SS 2016, p. 7	
2017	Pierre Duhr	Um Karel 54, SS 2016, p. 42	
2018	Pierre Duhr	Um Karel 60, SS 2020	
2019	Pierre Duhr	Um Karel 60, SS 2020	
2020	Pierre Duhr	Um Karel 60, SS 2020	
2021	Philippe Weides	Um Karel 62, SS 2021, p. 7	
2022	Philippe Weides	Um Karel 62, SS 2022, p. 11	
2023	Philippe Weides	Um Karel 66, SS 2023, p. 8	
2024	Ben Graas		

TOURNOI DE NOËL

E BÄITRAACH VUM FELIX RIPPINGER

Ee feste Rendezvous am Kalenner vun de Lëtzebuerger Studenten ass all Joer den Tournoi de Noël, dee wéi den Numm et scho seet ëmmer ronderëm Chrëschttag statt fënnt. Dëst traditionellt Event bitt awer nieft de sportleche Sensatiounsleeschunge vum AVL och ëmmer eng flott Geleeënheet fir Kolleegen a Kolleginnen aus anere Cercle erëm ze gesinn.




Bild 64: D'Coupe vun 1965 ass dank Kneipen Erni souguer nach am Veräinsbesëtz

Eng éischte Kéier goufen d' "Tournois Universitaires", wéi se am Ufank geheescht hunn, am Joer 1961 vum Här Jean Schmit organiséiert. Am éischte Joer war den Tournoi nach net em Chrëschttag mee em Ouschteren an den Tournoi huet sech och nëmmen ob de Fussball beschränkt. No dësem éischte Versuch ass dunn mol ee Joer laang näischt geschitt éier den Här Georges Lanners am Joer 1963 d'Iddi vun den Tournois Universitaires rëm opgehol huet²³⁴. Och bei dëser Editioun duerften nëmmen d'Futtbälliste géinteneen untrieden, woubäi unzemierken ass, dat trotz de kalen Temperaturen em Chrëschttag de Fussball dobausse gespillt ginn ass. Duerno ass den Tournoi aus senge Kannerschong erausgetratt an huet reegelméisseg stattfonnt. Enplus hunn sech ab dem Joer 1965, also ab der 3. Editioun, och d'Basketpiller dierften ënnert Beweis stellen, wat derzou gefouert huet dat den Tournoi eng éischte Kéier iwwert 2 Deeg ofgehole ginn ass. Am Joer 1967 koum och nach den Dëschtennis bei de Fussball an de Basketball derbäi. An dëser Konstellatioun ass den Tournoi de Noël dunn 14 Joer laang organiséiert ginn, bis am Joer 1981 entscheet gouf dat de Fussball just nach an der Hal dierft gespillt ginn. Am Joer 1988 koum déi bis lo leschten Ännerung an der Organisatioun vum Tournoi an zwar huet ab deem

²³⁴ STUDENTENSPORT „Coupe Universitaire 1963“ im Fußball. In: Luxemburger Wort, 117. Jg., n° 3 (03.01.1964), p. 12. <https://persist.lu/ark:70795/2sgszfgnx/pages/12/articles/DIVL970>

Zitat: „In Stadion der Stadt Luxemburg fand erstmals ein Fußballturnier für Luxemburger Universitätsmannschaften statt. Vier Teams stellten sich den Verbandsschiedsrichtern HH. Normand Mootz und Willy Delagardelle. Im 1. Ausscheidungsspiel gewann Liège gegen Aachen mit 2 :1 und im 2. Spiel machten Paris und München nach Verlängerung unentschieden 1 :1. Durchs Los kam Paris ins Endspiel. Um den 3. und 4. Platz besiegte Aachen München mit 2:0 und im Endspiel gewann Liège gegen Paris mit 3:1. LASEL-Vizepräsident Jim Meisch überreichte namens des Z.V. der LASEL den für 1963 gestifteten Kunstgegenstand an Kapitän Jean-Pierre Bernard.“

Joer de Volleyball den Dëschtennis ersat. Sait 1988 trieden also beim Tournoi de Noël iwwert zwee Deeg d'Equipe vun de Studentecerclen am Volleyball, Basketball a Fussball géinteneen un.



Bild 65: Futtball zu Louvain 1992

Vue dat sech et kaum ee Cerclë well huele loossen, fir sech sportlech ënner beweis ze stellen, sinn déi meescht Cerclen, déi ënnert dem Daachverband vun der ACEL aktiv sinn, mindestens an enger Sportaart beim Tournoi de Noël derbäi. Fir all déi Equippen ënnert en Daach, bzw. an eng Hal ze kréien, gëtt den Tournoi déi läscht Joren ëmmer an de Sportshale vun de Lycéeën um Geesseknäppchen ausgedroen. Des bidden och déi gutt Méiglechkeet fir an der Entrée vun der Piscine eng kleng Buvette opzeriichten, sou dat d'Supporteren och hirer léifster Sportaart, dem Drénken, kënnen nogoen. An der Entrée fir an d'Piscine gëtt dann och traditionell vu verschiddene Cerclen an der Mëttesstonn, méi oder manner gutt, lesse gekacht, fir datt d'Sportler nomëttes net vun de Been falen.

No deem kuerze Resumé vum Werdegang vum Tournoi de Noël ginn an den nächsten Abschnitter déi sportlech Erfolleger vum AVL méi genau beliicht. Aus den Ufäng vum Tournoi si leider net méi souvill Informatiounen iwwert déi sportlech Leeschtung vum AVL iwwereg bliwwen sou datt sech de Rescht vum Artikel ob déi lescht 20 Joer vum Tournoi, also ab 2001, beschränke wäert.



Bild 66: éischt Plaz am Basket de 27.12.1991

Lescht Rei: Marcel Colbach, Roland Colbach, Patrick Roilgen, Fred Arbogast, Claude Reding

Éischt Reih: Fränk Kneip, Guy Karges, Jean-Marie Remesch, Pierre Backes (Köln)

An deene verschiddene Joren huet sech den AVL ëmmer rëm daper an deene verschiddene Sportarte geschloen. Leider war dëst an de Joren 2020 an 2021, also während deenen 2 Jore virum Verfaasse vun dësem Artikel, opgrond vun der spezieller sanitärer Situatioun net wéi gewinnt méiglech. 2020 konnt opgrond vun engem Versammlungsverbued keen Tournoi organiséiert ginn, sou datt en ersatzlos ausgefall ass. Fir 2021 war ee laang Zäit dervun ausgaangen dat den Tournoi mat puer Aschränkunge rëm um Geesseknäppche kéint gespillt ginn. D'LASEL an d'ACEL hunn dofir alles probéiert wat méiglech war, mee desto méi no d'Chrëschtvakanz komm ass desto méi kloer war et dat dëst ganz schwiereg géif ginn. Ufanks sollt den Tournoi dowéinst ouni Supporter gespillt ginn, fir d'Unzuel u Leit sou geréng wéi méiglech ze halen. Puer Deeg virum Tournoi war dëst awer och net méi méiglech. Et gouf dunno um Belval eng Béierpong-Olympiade als Ersatz fir de Saufpokal organiséiert an eis Münchener Kollege hunn zu Kanech e Fussballstournoi organiséiert. Bei dësem Ersatz vum Tournoi de Noel huet eis Fussballsequipe dunno déi sensationell 2. Plaz gemaach. Eng Placéierung vun där mer bei engem regulärem Tournoi de Noel oft nëmmen dreeme konnten.



Bild 67: Eis Footballisten op engem Tournoi zu Bréissel de 27. Abrëll 2004

Wéinst deenen zwee Katastrophejoren war 2019 déi leschte Kéier wou den Tournoi de Noel regulär konnt gspillt ginn. Dowéinst sinn eis Resultater vun 2019 och nach ëmmer déi aktuellsten. Den AVL huet domat aktuell déi 4. beschte Volleyballequipe, déi 10. beschte Basketequipe an déi 5. beschte Foussballequipe. Insgesamt hunn mer den Tournoi als 3. beschte Cercle ofgeschloss. Am Verglach matt de leschte Joren hu mer domat virun allem am Basket méi schlecht ofgeschnidden. Vue datt et en zimmlech schwéier liesbaren an oniwwersiichtlechen Artikel gi wier, wann d'Resultater aus all de Joren hei am Text géife stoen, sinn des an enger Tabell um Enn vum Artikel zesummegefaasst.

Wann een dann iwwert déi Tabell kuckt, erkennt ee schnell datt mer an enger Sportart, dem Basket, iwwer vill Joren de Klassenprimus duergestallt hunn. Sou hu mer dann an deene leschten 19 Joer wou den Tournoi regulär ofgehalen ginn ass 5 mol gewonnen, si 4 mol Zweeten an 2 mol Drëtte ginn. An deenen 19 Joer huet dann och keen anere Cercle des Coupe méi oft gewonnen, et kéint een also bal mengen den AVL wier d'Mekka fir lëtzebuergesch Basketspiller! Virun allem tëschent 2008 an 2015 war den AVL besonnesch erfollegräich an ass ëmmer bis an d'Final komm, wou se nëmme vu Studenten vun der Klunilu oder vu Studenten aus engem Viruert vun Oochen konnte gestoppt ginn. 2018 an 2019 ass et dunn leider net méi sou gutt fir d'Basketballer vun Oochen gelaf an d'Equipe huet allkéiers zweestelleg missen ofschléissen. Mee no all biergof kennt rëm eng Kéier en biergop a bei der nächster Editioun wäerte mer d'Arbittere rëm mat eise falsch nummeréierten Trikoten sou duerchernee maachen datt mer sécher an d'Final kommen.

A Propos biergop a biergof, dee Begrëff beschreift d'Resultater vun der Volleyballequipe nëmmen all ze gutt. Wann een iwwert déi lescht 20 Joer kuckt war et een op an of, wéi op enger Achterbunn. No engem Déifpunkt an de Joren 2006 – 2008 (do hate wuel ze vill Volleyballspiller d'WM an Däitschland gekuckt a vergiess ze trainéieren) mat zwou 16. Platzen an enger 14., erkennt een datt sech lues a lues rëm eppes an der Equipe gedoen huet an des ëmmer besser ofgeschloss huet. No Bronze am Joer 2012 koum am Joer drop schonn éischt Gold-Placéierung séit méi wéi 10 Joer! An deenen zwee Joer drop ass dunn nach eng 2. an nach eng 1. Plaz

rausgesprungen. Dëst war quasi d'Blüttezäit vum AVL-Volleyball. An deene leschte 4 Joer war d'Equipe, bis op een Ausrutscher 2017, ëmmer ganz stabil ënnerwee a konnt ëmmer eng guut Plaz, wann och keng Podiumsplatz, sécheren.

Traditionell ass awer virun allem de Foussball, bzw. vill méi de Futsal, besonnesch ëmkämpft. Et ass dann och déi eenzeg Disziplin an där den AVL an deene leschten 20 Joer keng éischt Plaz konnt erkämpfen, a bei deene meeschte Matcher war et dobäi fir den AVL och en richtege Kampf um Terrain. D'Resultater spigelen dobäi net ëmmer d'Motivatioun an d'spillerescht Kenne vun eise Futballisten adequat zréck. Oft war den AVL einfach vu ganz vill Pech geplot an huet trotz eng spillerescher Iwwerleeënheet einfach de Ball net an d'Këscht krut. Leider huet och dat gielt Zielwaasser, wat virun allem Nomëttes aus dem Krunn an d'Männer vun eise Spiller gefloss ass, dobäi näischt konnten änneren. Sou ass dann déi 2. Plaz déi mer 2013 géint UNI.LU gemaach hunn dat héchst vun de fussballeresche Gefiller beim AVL. Dobäi muss een dann awer soen dat en verluerene Match géint eng Equipe déi aus lauter Spiller besteet déi ouni Ënnerbriechung nach beim Veräin, an deem se als Bambini ugefaangen hunn, spillen an déi studéiere just vum héiere soe kennen, quasi wéi eng Victoire. Déi lescht zwee Joer huet den AVL awer gewisen dat en och beim Fussball zu den Topequipe gehéiert, a méttlerweil géife mer warscheinlech och d'Alemannia Aachen fäerdeg maachen, egal op mat oder ouni Zielwaasser.

Oft hunn déi verschidde Cercle, déi um Tournoi deelhuefen, eng Sportart an där se extra guut sinn a sinn dann an de restlechen manner guut. 2013 gouf dofir de Gesamtpokal vun der ACEL agefouert, fir deene Cercle en Präis ze ginn déi an allen dréi Disziplin guut ofschneiden. Dëst koum dem AVL, den iwwert Joren ëmmer rëm an deenen dréi Sportarten erfollegräich war, entgéint. Direkt an deem éischte Joer vum Gesamtpokal war den AVL dobäi extrem erfollegräich. Eng éischt Plaz am Volleyball an am Basketball sou wei eng 2. Plaz am Futsal sécheren dem AVL mat grousem Virsprong déi éischt Victoire vum Gesamtpokal! Et sollt awer net déi lescht Victoire vun dësem prestigeträchtege Pokal fir den AVL bleiwen. No enger knapper 2. Plaz am Joer 2014 (Merci LSC) stoung den AVL 2015 an 2016 zweemol hannerteneen op der héchster Träppchen. No 3 Victoiren a 4 Joer duert den AVL de Gesamtpokal, den eigentlech als Wanderpokal geduecht ass, halen. De Pokal huet d'Hänn vum AVL also nëmmen eng kéier misste verloossen an ass dobäi nach nëmmen an en Viruert vun Oochen komm. Opgrond vun der sensationell erfollegräicher Zäit fir dem AVL seng Sportequipe huet den AVL entschloss sech en Stär op d'Broscht vu sengen Trikoten ze maachen an sou jiddereen ob déi erfollegräich Zäit opmierksam ze maachen. Nodeems den AVL also quasi alles déi lescht Jore gewonnen huet, wat ee gewanne kann (ausser eng 1. Plaz am Futsal), ass et déi Joren drop am Gesamtpokal net méi sou guut gelaf an eng drëtter Plaz 2019 war säitdeem dat beschte Resultat.

Am Joer 2015 huet sech d'ACEL dunn geduecht dat et dach bëssen traureg wier dat souvill Supporter ob de Geesseknäppche kommen, ouni selwer iergendeng Kompetitioun ze hunn. Vue dat et zimmlech schwéier ze moossen ass, wéi ee Cercle am beschten uféiere kann, huet sech d'ACEL derfir entscheet se dach léiwer béi der Buvette géinteneen untrieden ze loossen. Domat ass de Saufpokal (Offiziell "prix de consommation" genannt, mee Saufpokal klenge einfach besser) entstanden. Saufpokal, dat klénge jo scho bal als wier de Pokal extra fir den AVL agefouert ginn. Sou koum et dann och dat eis Supporter fir des éischt Editioun alles ginn hunn an en ganz motivéierte Supporter souguer en Beerpongdesch mat op den Tournoi matbruecht huet. Natierlech konnt sech den AVL dunn mat engem riese Virsprong déi éischt Editioun vum Saufpokal, wéi 2 Joer virdru schonn den éischt Editioun vum Gesamtpokal, sécheren. D'Joer drop waren eis Supporter dunn nach eng kéier héich motivéiert an hunn och déi zweet Editioun vum Saufpokal gewonnen.

Nieft de sportleche Geschichte ginn et awer och ëmmer rëm flott Anekdoten iwwert den Tournoi de Noel ze erzielen déi net direkt eppes mam Sport ze dinn hunn. Sou hat den AVL an déi aner Cercle sech déi lescht Joren ëmmer rëm mat de Portieren an den Hoer well des net wollten dat Béier, resp. Hopfensmoothien, ob den Tribüne gedronk ginn. Wou si mer dann hei? Mir si jo awer net méi an der Schoul! So engem Student en dierf eppes net an en notzt alles wat en geléiert huet fir genau dat ze maache wat en net soll. Iergendwéi huet de Béier also dach ëmmer schein Wee bis ob d'Tribün gepackt, schliisslech muss ee jo seng Equipe uféieren a gläichzäiteg de Saufpokal gewonnen.

Nieft deenen üblechen tächtelmächtelcher déi een am Sport mat de léiwe Monni Arbitteren huet, huet sech den AVL virun allem am Basketball en schlechten Numm gemaach. Dëst ass net mol wéinst engem aggressive Spillstil oder dem villen Gemeckers, nee et ass wéinst Mathe a Biologie. Well den AVL als eenzege Cercle ob sengen Trikoten Nummern huet déi méi grouss si wei 15, anscheinend kennen déi aner Cerclen net sou weit zielen, kennen d'Arbitteren des Nummere bei enger Faute net mat hire Fangere weisen. Do stellt sech mir natierlech d'Fro wisou se dat brauchen, eis Basketballer maachen dach keng Feeler um Terrain! Et ass also all Joer déi nämmlechte Diskussioun. All Joer gëtt gesot mir géifen Disqualifizéiert ginn an herno dierfe mer awer nach matspillen, et schéngt also iergendwéi dach méiglech ze sinn. Mat de Resultater aus de leschte béide Jore wier et fir Zukunft awer vläicht besser de Spiller déi Angscht vun enger Disqualifikatioun ofzehuelen. Wann een awer lo eis agesiess Basketballer, an och d'Volleyballer a Futtballisten, freet wisou se net méi oft gewonnen hunn, dat wäerten se engem als Äntwert soen: Ma et war wéinst dem Kascht! Virun allem beim Basket fënnt een an de Joren 2011 bis 2014 en eendeitegen Zesammenhang tëschent McDonalds lessen a Victoiren, wien hätt dat geduecht. Et schéngt bal als géif dat ongesond McDo lessen en Géigegewicht zu der gesonder, sportlecher Aktivitéit duerstellen an sou dat sensibelt, ënnerlecht Gläichgewicht vun eisen Héichleeschtungssportler rëm hierstellen.

2007 haten sech eis Volleyballer eng flott Aktioun iwwerluecht an hunn passend zu hire rouden ARBED's Trikoten a passend zu der Zäit em Chrëschttag eng Kleeserchersmutz ugedoen. Leider huet hinnen dat am Match awer wéineg gehollef an si si just déi 14. ginn. De Präis fir de schéinsten Outfit, den et leider net gëtt, hätten se domat awer op alle Fall gewonnen.

2005 waren et eis Futtballisten déi hirer Kreativitéit fréie laf gelooss hunn. Genervt vun der Tatsaach dat d'UNI.LU am Foussball oft gewonnen huet, well hier Spiller nach all zu Lëtzebuerg am Veräi spillen, wollten se dësen eng kleng Sauerei virbereeden. De Standardgesang: "Dir kritt vun der Mamm gekacht Schalalala!" ass dat Joer also net duer gaangen an sou hunn eis Spiller en Kondom mat Handcrème geféllt an dësen an d'Gewenncoupe gestach. De Spaass konnt natierlech nëmme funktionéieren, wann d'UNI.LU och tatsächlech déi éischte Plaz géif gewannen. Sou sollt et herno awer net kommen a Stroossbuerg huet d'Coupe fir déi éischte Plaz, samt klenger Iwwerraschung gewonnen. Et kann een halt net alles aplangen.

Wann een da lo en sportlecht Fazit vum Tournoi de Noel fir den AVL well zeien, sou sinn et d'Joren 2013 (Volleyball: 1., Basketball: 1., Fussball: 2., Gesamtpokal: 1.) an 2015 (Volleyball: 1., Basketball: 1., Fussball: 6., Gesamtpokal: 1., Saufpokal: 1.) déi am erfollegräichste waren. Wann een da lo nach bedenkt dat beim AVL quasi alles a 7 Joresschrëtt ofleecht (siehe REEL), kann een dervun ausgoen dat den AVL och dëst Joer (2022) ganz erfollegräich beim Tournoi de Noel wäert ofschneiden.

Joer	Volleyball	Basketball	Fussball	Gesamtsieg
2019	4. (Freiburg)	10. (Köln)	5. (Tréier)	3. (Saarbrécken)
2018	5. (Bréissel)	11. (Tréier)	3. (LUNEX)	5. (Bréissel)
2017	13. (Köln)	3. (Tréier)	9. (Saarbrécken)	8. (Köln)
2016	4. (Freiburg)	4. (Wien)	4. (Baschtneg)	1. Oochen
2015	1. Oochen	1. Oochen	6. (Bréissel)	1. Oochen
2014	2. (Köln)	2. (Köln)	8. (UNI.LU)	2. (Köln)
2013	1. Oochen	1. Oochen	2. (UNI.LU)	1. Oochen
2012	3. (Karlsruhe)	2. (UNI.LU)	3. (Innsbruck)	/
2011	7. (Saarbrécken)	1. Oochen	10. (Tréier)	/
2010	7. (Saarbrécken)	1. Oochen	6. (Köln)	/
2009	12. (München)	2. (UNI.LU)	6. (UNI.LU)	/
2008	16. (Köln)	1. Oochen	7. (Köln)	/
2007	14. (Innsbruck)	4. (UNI.LU)	11. (Köln)	/
2006	16. (Stroosbuerg)	3. (UNI.LU)	11. (Tréier)	/
2005	8. (Innsbruck)	2. (UNI.LU)	10. (Stroosbuerg)	/
2004	10. (Stroosbuerg)	8. (Stroosbuerg)	10. (Saarbrécken)	/
2003	8. (Bréissel)	7. (ISTL)	11. (ISTL)	/
2002	8. (Stroosbuerg)	9. (Saarbrécken)	8. (ISTL)	/
2001	10. (Stroosbuerg)	2. (ISTL)	5. (CUNLUX)	/
2000	17. (Tréier)	10. (ISTL)	18. (Karlsruhe)	/
1999	10. (Bréissel)	5. (ISTL)	6. (Stroosbuerg)	/
1998	(Stroosbuerg)	(ISTL)	(Stroosbuerg)	/
1997	3. (Stroosbuerg)	(CUL)	(Innsbruck)	/
1996	(Stroosbuerg)	(ISTL)	(ISTL)	/
1995	(Stroosbuerg)	2. (ISTL)	(ISERP)	/
1994	1. Oochen	3. (ISTL)	(Saarbrécken)	/
1993	(Saarbrécken)	2. (ISTL)	(Nancy)	/
1992	1. Oochen	1. Oochen	(Nancy)	/
1991	1. Oochen	1. Oochen	(ISERP)	/
1990	1. Oochen	(CUL)	(Stroosbuerg)	/
1989	(Stroosbuerg)	1. Oochen	3. (ISERP)	/
1988	(Stroosbuerg)	(Kaiserslautern)	(Karlsruhe)	/

Tabell mat de Placéierung vum AVL vun de Joren 1988 – 2019. An Klammere steet jee weils de Gewënner vun dem Joer, falls et net den AVL war.

Béiss Zonge behaupten, datt Oochener Student*innen sech net wäit fort vun hirer Heemescht Lëtzebuerg getraut hunn. Menger Meinung no, fannen des Aussoen hiren Ursprung an der Jalousie net selwer an sou enger schéiner an oppener Stad ze liewen.

Obwuel den AVL a seng Memberen sech an der Kaiserstad sou wuel fillen, zitt et si heiansdo méi wäit fort.

Den AVL huet scho fréi mat senger Memberen Dagesausflüch ënnerholl. Et ass awer schwéier des komplett hei nidderschreiwen, well se bái wäitem net all dokumentéiert goufen. Oft sinn d'AVLer awer fir een Dag op Maastricht gefuer. Bréissel, Antwerpen, Eupen, Köln, Tréier an aner Nopeschstied waren och beléift Destinatiounen. Besonnesch ernimmenswert ass hei Bréissel. Iwwert ongeféier ee Joerzéngt war d'Faart mat enger Péniche iwwert d'Senne an der belscher Haaptstad festen Deel vum Programm am Summersemester.

Doniewent ass den AVL och ëmmer gär aner Studenten an hier Stied besiche gaangen. Sief et divers Interceden a Form vum engem Rallye zu Köln, Stroosbuerg oder Karlsruhe. De Beachvolleyballturnéier zu Kaiserslautern zéit och lo nach ëmmer vill sport- an och drénkbegeeschtert AVLer*innen am Juni op Kaiserslautern. Op Léck huet et och ëmmer rëm vill AVLer verschloen, fir da mat de Lécker Student*innen op der d'Saint-V, d'Saint-Nic oder och der Saint-Torré ze feieren.

Eicht Hiweiser op eng Rees déi iwwer länger Dauer an och méi wäit fort war, ginn et am Protokollbuch vum AVL am Joer 1961. Demols wollt se zunächst op Hëpperdang (!?) fueren a well dat nit gung, si se op Amsterdam gefuer²³⁵. An deem Protokollbuch ass weider vum enger Rees Ried déi 1962 sollt op München goen, am Enn si awer nees op Amsterdam gefuer. D'Iddi vum enger Rees déi am Kader vum AVL stattfanne soll, ass an de 70er nees ageschlof. An den 80er gouf et guer keng Rees an an den 1990er ëmmer nëmmen een Dag. Trotzdeem sinn d'AVLer awer weiderhi matenee gereest. Sief et am Kader vum der Exkursionswoche déi vum der RWTH organiséiert gouf oder am Kader vum der ANEIL. D'ANEIL ass d'association nationale des étudiants ingénieurs luxembourgeois. Et ass also kee Wonner dat vill Oochener Student*innen do Member waren an un dëser Rees deelgeholl hunn. Ëmmerhin ass Oochen bis elo nach fir seng gutt ingenieur-, naturwëssenschaftlech an technesch Studiegäng bekannt. Een Hiweis op d'Participatioun vu villen AVLer*innen un der ANEIL-Rees hunn ech am Karel 23 vum Summersemester 2002 fonnt.

Déi éischt Vakanz déi ech fonnt hunn déi den AVL da selwer geplangt an och zesummen ënnerholl huet, war den Abrëll 2003. Aacht AVLer hunn sech no dee Klausure vum Wantersemester op de Wee an d'Schwäiz op Saas-fee gemaach. An de Schwäizer Alpen hunn d'Oochener Studenten hiert Kënnen am Ski respektiv Snowboard fuere mee awer och beim Drénken ënner Beweis gestallt.

Ab deem Zäitpunkt fënnt ee méi regelméisseg Opzeechnungen zu enger gemeinsamer Vakanz.

De Begrëff Kulturrees, wéi mir en haut och nach benotzen, taucht fir d'éischt am Karel 36 op. Do sinn am Summersemester 2008 eng Rëtsch AVLer*innen zesummen op Hamburg gefuer. Op Nofro hin bei dem Kulturminister Joe Malget vum dem Joer ob hie speziell Virbillen hat oder wéi déi Iddi zustann komm ass, war d'Äntwert dat hien nach ni Hamburg war an eemol dohi wollt. Ab deem Joer hunn d'Kulturreesen och ëmmer em dee selwechten Zäitpunkt stattfonnt; Enn Mee bis Juni. De Grond dofir ass warscheinlech dat déi ganz Klausuren am Summer et engem onméiglech maachen, een Zäitraum ze fanne wou et méiglechst ville Leit passt. Fir dësen Zweck bitt sech dofir déi sougenannt Exkursionswoche un. D'RWTH Aachen University setzt all Joer eng Woch ëm Päischte fest an der keng Vorlesunge sinn. D'Iddi hannendrun ass, dat d'Student*innen déi Zäit

²³⁵ Comptes rendus des assemblées du AVL du 3.12.1959 au 21.1.1964, Säiten 28 an 30. IN: Vereinsarchiv, Akte FD-289-026

notze fir sech op Exkursiounen weider mam Studienstoff ze befaassen oder Unternehmensbesuche ze ënnerhuelen. Et ass awer kee Wonner dat Student*innen déi Woch awer gär notze fir mateneen an d'Vakanz ze fueren. Ëmmerhin huet ee soss nämlech, ofgesi vun der Chrëschtvakanz, ni richtig fräi. An de Joren 2008 bis elo ass den AVL dowéinst an der Exkursiounswoche matenee fortgefuer.

Joer	Mount	Zil	Participatioun
2004		Courcehevel	8 Persounen
2005		Courcehevel	8 Persounen
2008	Mee	Hamburg	
2009	Mee	Berlin	
2010	Mee	München	
2011	Juni	Prag	
2012	Mee (31.)	Hamburg	
2013		Montpellier	
2014		Amsterdam	
2015	Mee	Wien	
2016		Dublin	
2017	Juni	Prag	
2018	Mee	München	
2019	Juni	Budapest	
2021		Tignes	
2022		Barcelona	
2023	Mee	Warschau	
2024		Bologna	

Wéi mir alleguerter wëssen huet 2020 an 2021 d'Pandemie dat normaalt Studenten- an domat d'Cercleliewe leider net méi zougelooss. Deementspreechend war et dunn och net méiglech eng Kulturrees sou wéi déi lescht 10 Joer ze ënnerhuelen. 2021 dunn hunn d'AVLer*innen de Wee an d'Ausland awer rëm fonnt. Well d'Coronasituatioun am Summersemester nach onsecher a schlecht aschätzbar war, gouf d'Kulturrees an de Wanter verluecht. Wei et och heizou passt, war et net ee Städtetrip wéi soss, mee eng Skivakanz. Zu Tignes a Frankräich konnten sech d'AVLer*innen sech op de Skipisten austoben. Ob et lo rëm méi oft Skivakanze ginn, oder ob den AVL bei Städtetrips bleift wäert d'Zukunft weisen. Fir d'Wintersaison 2022 ass op alle Fall nach eng Skivakanz geplangt. Am Summersemester 2022 konnt den AVL dann och endlech rëm an d'Sonn. Zu Barcelona gouf vill Sangria gedronk a geléiert wéi ee Salsa danzt.

Ofschléissend kann ech soen, dass mir beim duerchliese vun deene verschiddenen Artikelen am Karel an och bei de Gespréicher mat AVLer*innen an Anciens aus verschiddenste Generatiounen opgefall ass, dat d'Memberen sech eigentlech onofhängeg vun der Destinatioun an och vum Zäitpunkt ëmmer eng gutt Zäit matenee verbruecht hunn. All Rees an all Dagesausflug huet seng eegen Insider, witzeg Geschichten an Erënnerungen. Et wieren der vill ze vill déi hei all opzezielen. Mee ech mengen et kann een awer schlussfolgernd soen, dat Kulturreese feste Bestanddeel vum järeche Programm solle bleiwen. Wéi kenne mir deenen anere Stied a Länner och soss weisen, wéi gutt mir eis amüséieren kënnen?

STAFFELLAF

VUM LYNN AACHEN (TEXT) A JACQUES MEISCH (RECHERCHEN)

De Staffellaf ass säit 1988 feste Bestanddeel vum Summersemesterprogramm vum AVL. Den éischte Staffellaf gouf 1988 vum deemolige Sportsminister Alain Kieffer organiséiert. E sollt dobäi awer net erréicht 1988 mee schon am Joer virdrunner stattfannen. 1987 hunn sech fir dëse Projet leider net genuch Leefer fonnt²³⁶. 1988 war et dunn awer sou weit. Freides, den 1. Juli 1988 owes war den Start vum éischte Staffellaf. De Plang war, den 2. Juli em 16:00 Auer op der Place d'Armes unzekommen. An der Stad hunn d'Oochener Studenten, d'Press an och d'Anne Brasseur als Vertrieederin vum Stat d'Staffel empfaange. Des éischt Staffel gouf och direkt finanziell vun der ARBED an der BIL ënnerstëtzt, déi als Sponsor fungéiert hunn. Déi 3. Editioun huet et souguer de 14.6.1991 an d'Luxemburger Wort gepackt. An dem Artikel gouf och erwähnt, datt well keng Startflagg do war, Dëschdecken aus dem Ratskeller geholl goufen.



Bild 68: Foto vum 5. Juni 1992. Nieft dem rengen Staffellaf, guff deemols di Streck och gären parallel zu de Leefer mat dem Velo gefuer.

De Grondprinzip huet sech säit 1988 net verännert: Memberen vum AVL droen eng Staffel vun Oochen aus bis op Lëtzebuerg. Dobäi gëtt d'Streck an Etappen opgedeelt an d'Staffel gëtt vu Leefer zu Leefer an Etapp zu Etapp viruginn. D'Kilometerunzuel ass hei variabel. De Staffellaf start op der Maartplaz zu Oochen an d'Zil ass gemengerhand de Wunnuert vun dem aktuelle Präsident oder der aktueller Präsidentin. Vun deeër Regel ofgewach gouf 1997: wéinst der 100 Joer Feier, an et ass vun Aachen Rothe Erde bis op Esch-Terre Rouge an de Minett gaange. 2006 koum et zu enger weiderer Ausnam. Dat Joer krut de Jean-Claude Juncker nämlech de Karlspräis an am Kader dovun ass d'Staffel vu Capellen aus op Oochen gaange. Zu Oochen gouf d'Staffel du vum deemoligen Oberbürgermeister Jürgen Linden empfaange.

²³⁶ Courrier vum AVL un d'Memberen vum 20. Abrëll 1988.

Wann net grad ee Letzebuerger de Karlspräis kritt, da gëtt de Startschoss zu Oochen vun enger wichtiger Persoun gemaach. Beim Zil gëtt d'Staffel normalerweis mat engem Eierewäi vun der Gemeng empfaange. Iwwert d'Joren gouf den Startschoss vum Ehrenkonsul Otmar Braun, vum Oberbürgermeister, der Oberbürgermeisterin, dem Rektor vun der RWTH an och vum Schirmherr vun der RWTH fir den AVL ginn.

Ab 1991 gung deen éischten Dag ëmmer op der Keelebunn bei Koeppe Jhemp op der Houschter Déckt op en Enn. Ab do gouf dann den zweeten Dach bis bei d'Zil gelaf. Déi lescht Joer huet et sech etabléiert deen éischten Dag desen Halt um Camping zu Housen ze maachen an. Bis viru kuerzem war zu Housen dann och de Restaurant Köpp, d'Platz wou sech mat gudden lessen an deem engen oder dem anere Béier erholl gouf.

Fir de Staffellaf op d'Been ze stellen, brauch een allerdéngs net just LEEFER an eng Staffel, mee och Leit der bei der Organisatioun hëllefen. Dës huet sech iwwert d'Joren och verännert. Ufanks ass ëmmer nach een AVL'er*in als Ënnerstëtzung mam Vélo nieft dem LEEFER matgefuer. Mëttlerweil gëtt och dat gemengerhand mam Auto gemaach, an och Navigatiounsapplikatiounen an den Handy selwer maache souwuel d'Kommunikatioun an och d'Orientatioun méi einfach.



Bild 69: Startschuss 2003

Bei iwwert 30 Editiounen vum Staffellaf ginn et natierlech och eng jett Anekdoten déi et wäert sinn erzielt ze ginn. Hei ass eng Auswal dovun:

- Deen optimale Regeneratiounsschlof kritt ee wann een op der Keelebunn schléift.
- Eng LEEFERin ass no dem erfollegräichem Ofschloss vun deene fir hat ageplangten 10km nach iwwert 30 km bei sengem Nofolger matgelaf.
- Besonnesch gutt keele spillen kann ee just plakeg. Dest kouw dohier dass d'Jongen an den 1990er géint der Owend alt schon emol ze voll waren, fir sech ze verhalten, wien a wéi enger Equipe wier. Als Offhëllef huet dann eng Equipe sech ausgedoen, an et hunn di Ugedoen géint di Plakisch gespillt.

- Et koom och mol vir, dat een sech nuets Ham geschnidden huet géint de klengen Honger.
- Ee Campari-O dee besonnesch rout geroden ass. Ee gewëssen Här C. huet de Contraire mat Extra Orangëjus gemengt.



Bild 70: De Jean-Claude Juncker gëtt de Startschoss 2006



Bild 71: Ankunft im Aachener Rathaus, mit Bürgermeister Linden am 21. Mai 2006

An dëser Tabell sinn all d'Staffelleef säit 1988 resümeiert. Merci un den Daniel Erpelding fir d'Zesummesichen.

Joer	Start	Zil	Verfügbare Bericht oder Beleg
1988	Aachen	Luxembourg-Ville	/
1989	Aachen	Luxembourg-Ville	/
1990	–ausgefall–		/
1991	Aachen	Differdange	Um Karel 3, Säiten 25-28
1992	Aachen	Remich	Um Karel 5, Säiten 10-11
1993	Aachen	Insenborn	Um Karel 6, Säiten 15-16
1994	Aachen	Mamer	/
1995	Aachen	Echternach	Um Karel 10, Sait 15
1996	Aachen	Wiltz/Doncols	Um Karel 12, Säiten 10-12
1997	Aachen-Rothe-Erde	Esch /Terre-Rouge	Um Karel 14, Säiten 14-17
1998	Aachen	Wahl	Um Karel 16, Säiten 19-22
1999	Aachen	Wormeldange	Um Karel 18, Säiten 19-20
2000	Aachen	Vianden	Um Karel 20, Säiten 27-29
2001	Aachen	Hesperange	Um Karel 22, Säiten 8-10
2002	Aachen	Zolver	Um Karel 24, Säiten 12-16
2003	Aachen	Beckerich	Um Karel 26, Säiten 31-34
2004	Aachen	Hautcharage	Um Karel 28, Säiten 25-27
2005	Aachen	Esch-Sauer	Um Karel 30, Säiten 16-21
2006	Capellen	Aachen	Um Karel 32, Säiten 27-30
2007	Aachen	Echternach	Um Karel 34, Säiten 46-53
2008	Aachen	Vianden	Um Karel 36, Säiten 60-63
2009	Aachen	Lintgen	Um Karel 38, Säiten 64-66
2010	Aachen	Bettembourg	Um Karel 40, Säiten 50-53
2011	Aachen	Pétange	Um Karel 42, Säiten 30-34
2012	Aachen	Remich	Um Karel 44, Säiten 34-37
2013	Aachen	Walferdange	Um Karel 46, Säiten 38-40
2014	Aachen	Rédange	Um Karel 48, Sait 23
2015	Aachen	Contern	Um Karel 50, Sait 18
2016	Aachen	Junglinster	Um Karel 52, Säiten 21-24
2017	Aachen	Hesperange	Um Karel 54, Säiten 15-19
2018	Aachen	Mersch	Um Karel 56, Säiten 18-22
2019	Aachen	Steinsel	Um Karel 58, Säiten 28-29
2020	–ausgefall–		AVL News vum 12.05.2021
2021	Aachen	Wormeldange	Um Karel 62, Säiten 30-31
2022	Aachen	Bertrange	Um Karel 64, Säiten 56-58
2023	Aachen	Mertert	Um Karel 66, Säiten 44-47
2024	Aachen	Oberdonven	

Och wann kee méi eppes vum Covid-Virus héiere well, huet de SARS-CoV-2 d'Liewe vun de Studenten och zu Oochen uerdentlech aus der Bunn geworf an gehéiert dowéinst och zu der 125 Joer aler Geschicht vum AVL (an domat Betounung op Geschicht, an der Hoffnung dat de Coronavirus net weider eng present Roll am AVL an och soss wäert spillen).

Dat heite gëtt och eng relativ subjektiv Schilderung. Jiddereen huet dës Zäit anescht opgehol an ech kann ëmmer just fir mech schwätzen, mee ech probéiere mech op dat ze limitéiere wat den AVL betrëfft.

Enn 2019 hunn ech fir d'éischt Kéier vun engem sougenannte Corona-Virus héieren. Et huet ee kuerz an den Norëschten héieren, dat et puer Fäll a China ginn, mee méi awer och net. Ufank Mäerz 2020 gouf ech zu Oochen vun engem Reporter ugesprach a gefrot ob ech Angscht hätt selwer um Coronavirus ze erkranken an/oder ob ech Angscht hätt dat mäin Liewe kéint beaflosst ginn. Ech hunn dorops souverän verneent. Ech wier jo nach jonk an hätt ee gesonden Immunsystem. Ausserdeem wieren et jo net sou vill Fäll bis well an Europa an d'Warscheinlechkeet dat ech mat engem a Kontakt kommen, wier jo awer relativ kleng.

Kuerz drop hunn eng Rëtsch Memberen vum AVL (een dovun war ech) den 10.03.2020 de Wee op Léck fonnt fir do mat den Lécker zesummen d'St.Torê ze feieren. Do sinn mir mat Dausenden aneren Lécker Studenten mat Charioten duerch d'Stad gefuer, hunn gedronk an gefeiert. Deen Dach drop hunn mir eis och all op enger Platz getraff fir do mateneen ze feieren. Den Chapi owes war ofgesot wéinst deem „komeschen Coronavirus“. Déi belsch Regierung féiert awer eng op, firwat dierfen mir net wéi soss feieren?! Amplaz vum Chapi dierften mir eis awer open-air treffen, fir do mateneen ze danzen an ze drénken. Et kann een sech jo net ustiechen wann een zu 10.000 Leit ze feieren, wann et un der frëscher Loft ass. D'Justine -eng aner AVLerin- krut vun sengem Papp geschriwwen, dat et sech vun friemen Mënschen distanzéieren soll fir eng Infektioun mam Virus ze verhënneren. Mir hunn bei der Norëscht just geschmunzelt, ëmmerhin stoungen mir deen Moment schonn säit 3h an der Mëtt vun Honnerten friemen Leit. Eis war d'Ausmooss vun der ganzer Affär einfach net bewosst.

Een Dach nom Intercercle, den 12. Mäerz, huet d'lëtzebuerger Regierung ugekënnegt, dat dat ganz Land ab en Méinden an den Lockdown geet. Ab dem 16. Mäerz bleiwen d'Schoulen zou an Télétravail gëtt ugefaangen. Och an Däitschland war dat net vill anescht. d'Dezernat 3.0 vun der RWTH deelt mat:

„Das Rektorat der RWTH Aachen sieht nach intensiver Beratung und nach Rücksprache mit den zuständigen Ministerien des Landes Nordrhein-Westfalen und dem Krisenstab von Stadt und Städteregion Aachen keine andere Möglichkeit, als alle anstehenden Klausuren und Praktika sowie alle sonstigen Veranstaltungen ab sofort bis einschließlich 19. April 2020 abzusagen.“

Mir hunn eis zu dem Abléck an der Schlussphas vun der Klausurenphas vum Wantersemester 19/20 befonnt. D'Klausure goufen ofgesot an et wousst een net op a wéini déi nogeholl ginn. De Semesterbeginn vum Summersemester 2020 gouf op den 20. Abrëll verluecht, deemools nach an der naiver Hoffnung dat sech d'Situatioun bis dohi rëm berouegt huet. Den 8. Abrëll 2020 war dunn och offiziell kloer, dat Präsenzuni bis op Weideres net méiglech wäert sinn an et gouf ugekënnegt, dat d'Summersemester 2020 als Online-Semester stattfanne wäert. D'Dezernat 3.0 schreift heizou:

„In absehbarer Zeit werden nach Mitteilung des zuständigen Landesministeriums keine Präsenzveranstaltungen stattfinden können – das Sommersemester beginnt, wie bereits kommuniziert, als Online-Semester.“

Den AVL selwer war am Mäerz net konkret betraff, well an der Klausurenphas selwer jo souwisou ni Events oder Änlechtes vum AVL organiséiert ginn.

Den AVL Comité 19/20 huet trotz der ongewinnter Situatioun probéiert d'Leit ofzelenken an déi ongewinnt Situatioun mat Online Meetings ze iwwerbrécken.

Den 6. Mee huet dann deen éischten virtuellen Stammdësch stattfonnt, deen ab do all Woch Méindes owes war. Och déi éischt virtuell Soirée huet net laang op sech waarden gelooss. Den 11. Mee huet deen éischten Quizowend stattfonnt.



Bild 72: Eng Beispillfro vum Quizowend

Een decken Merci un den AVL Comité fir hier Beméiungen. Ufangs waren d'Leit och nach motivéiert, mee d'Situatioun gouf mat der Zäit ëmmer méi belasschend. Ausserdeem houg een wéinst der Uni selwer och well genuch virun de Bildschiermer.

No laangem Hin an Hier gouf dunn och endlech eng Decisioun fir d'Klausuren geholl déi wéinst deem éischten Lockdown net stattfannen konnten. Des Klausuren sollten ab dem 11. Mee 2020 nogeholl ginn. Do konnt all Institut an Proff sech selwer een Datum festleeën. Et konnt dunn senn, dat Leit den Mee an Juni Klausuren noschreiwen missten. Dat dann iert am Juli déi ordinär Summersemesterklausuren ugefaange hunn. D'Klausurenphas vum Summersemester geet normal ëmmer bis den Ufank vum doropfolgendem Wintersemester. Wann Leit besonnesch Pech haten, dann war d'Klausurenphas dono 5 Méint laang. Mee net nëmmen duerch Klausuren kouw rëm Liewen an d'Uni.

De 15. Mee ass d'Hauptgebai an de RWTH Shop vun der Uni opgaange ass.

De 17. Juni 2020 sinn d'Mensen vun der RWTH rëm op gaange. Ab dem 30. Juni konnt ee Lernplätze in der Unibibliothék buchen. Een Datum deen och méi wichteg fir den AVL ass, ass den 7. Juni 2020. Do huet deen éischte lëtzebuurger Owend a Präsenz am Kaktus stattfonnt. Endlech konnte mir säit dem Ufank vun der Pandemie een op der Terrass zesummen drénken. D'Klausurenphas huet sech awer och während Corona net stoppe gelooss. Am Summersemester konnten d'Klausuren ënnert strenge sanitäre Moossnamen dunn a Präsenz stattfannen. D'RWTH ass de Student*innen awer entgéint kommen an deem een sech och nach 24h virun der Klausur ofmelle konnt. D'Begrënnung heifir war, dat jiddereen dee Symptomer huet, doheem bleiwe soll. Ausserdeem gouf eng Freiversuchsregelung agefouert. Pré-Covid an och méttlerweil rëm war et sou, dat

een eng Klausur maximal 3 Mol schreiwen dierft an dann eng mëndlech Prüfung hat. Wann een des net gepackt huet, dann ass een a ganz NRW fir dee bestëmmte Studiengang gespaart. D'Freiversuchsregelung huet awer dofir gesuergt, dat ee wann ee während dëse Corona-Semestern eng Klausur net gepackt huet, kee Versuch verléiert. Mir perséinlech sënn och Fäll bekannt, bei deene Leit divers Klausuren bis zu 7 Mol geschriwwen hunn, iert d'4,0 dunn endlech an der Täscher war. Corona huet an deem Sënn verschiddene Student*innen de Studium gerett.

De 14. Juli 2020 huet den Virus d'Liewen vun den lëtzebuergeschen Student*innen zu Oochen ee gutt Stéck méi komplizéiert gemaach. Leider hat sech d'Zuel vun den Neiinfektiounen zu Lëtzebuerg sou uerg verschlëmmt, datt Däitschland d'Land nees als Risikogebitt agestuift huet. D'Folgen dovun waren, dass sech d'lëtzebuergesche Studenten 2 Wochen a Quarantän hale musse wann een aus Lëtzebuerg an Däitschland areest. Ausserdem misst een sech bei der Arees beim Gesondheetsamt mellen. D'Raimlechkeete vun der RWTH konnten fréistens 1 Woch no der Arees rëm benotzt ginn. Leit déi geplangt haten no dem 14. Juli op Oochen ze fuere fir kuerz dono eng Klausur ze schreiwen haten een riese Probleem. Zwar konnt ee mat engem negative PCR-Test déi 14-tägesch Quarantän evitéieren, mee d'RWTH dierft een awer net betrieden. Eng gutt Rëtsch Leit hunn sech dunn illegalerweis awer getraut d'Klausur schreiwen ze goen a goufen och net erwëscht. Puer Leit (inklusive mir) konnten d'Klausur(en) dunn net schreiwen a misste fir den Zweittermin nach eemol léieren. No e puer Deeg gouf dunn awer eng extra Regelung fir d'lëtzebuergesche Student*innen agefouert. Lo ass een negative PCR och der RWTH duergaangen. Déi ganz Coronaregelungen -sief et vun der Uni, dem Bundesland NRW oder komplett Däitschland sinn am Verlaf vun deene leschten 2 Joer ëmmer rëm geännert an ugepasst ginn. Des all opzeziele géif de Rahme vun dësem Artikel sprengen an dat Ganzt och relativ monoton maachen. De Rescht vun der Klausurenphas ass dunn méi oder manner roueg ofgelaf an d'Klausuren konnten all geschriwwen ginn.

Wéi dunn d'Vorlesungszeit vum Wintersemester 20/21 starte sollt, war kloer dat d'Unzuel un Neiinfektiounen dës net zouloosse wäert. Dat ganz Semester huet also nees als Online Semester stattfonnt. Fir d'éischt Kéier missten d'Klausuren dunn och online ugebuede ginn. Dat war ee riese Gedeessesems well déi ganz Ëmsetzung wéinst Dateschutz an Täuschungsversich net sou ganz einfach war. Well d'Uni net sou richteg viru gemaach huet a puer Instituter sech ufangs geweigert hunn d'Klausuren online ze maache goufen d'Klausurtermine deelweis ëmmer rëm no hanner geréckelt. Dës ass sou weit gaangen, dat Student*innen hier Wintersemesterklausuren deelweis nach an der Vorlesungszeit vum Summersemester schreiwen missten. Déi weider kritesch Coronasituatioun huet awer och fir den AVL geheescht, dat online Veranstaltungen iwwert Zoom déi eenzeg Méiglechkeet bleiwen eppes ze organiséieren. De Comité gouf den 20. Januar an enger online Assemblée Générale gewielt. Och dës misst sech ufangs mat online Evenementer zefridde ginn. Dës sollt sech awer de 6. Abrëll änneren. Do huet nämlech de Student fir een Dag an enger staark reduzierter Versioun um Uni.lu-Site um Belval stattfonnt. Dës war allerdéngs och net wierklech een AVL-Event, well do just 2 Comitésmembren a soss nëmme Primaner an domat potenziell futur AVL-Membre konnten deelhuefen. Ee Mount méi spët de 6. Mee konnt dunn endlech eng gréisser Veranstaltung stattfannen. Well d'Erstie vum Winter 20/21 bis well nach keng Méiglechkeet haten den AVL aneschtens wéi just duerch de Bildschirm kennenzeléieren, huet de Comité een Ersti-Rallye organiséiert. Dës awer an der Stad zu Lëtzebuerg, well d'Corona-Mesuren do méi frëndlech ware wéi nach zu Oochen. Dat war dunn och de Startschuss an engt méiglechst normaalt Summersemester fir den AVL. Eng Béierwanderung, de Staffellaf, een aktive Weekend mat Kayak, Karting a Golf als Alternativ zur Kulturreis, ee Spikeball-Turnoi, ee Rallye, d'belscht Béierfest, d'Ofsch(l)ossfest, de Studentebaal an d'REEL konnt stattfannen. Just d'Ponttorfeier war net am Summersemester. Déi gouf vum Comité aus Angscht viru weidere Mesurë virsiichtshallwer an den November geréckelt. D'Wintersemester 2021 war dunn endlech nees een „normalt“ AVL-Semester mat allem wat dozou gehéiert. Natierlech huet een nach mat klengen Upassungen wéi enger begrenzt Teilnehmerzuel un Events an och d'Schnelltestpflicht viru Veranstaltungen misste liewen, mee allgemeng war den AVL an all seng Membere frou dat een d'Studenteliewe rëm sou genéisst konnt wéi virun dem Ausbruch vun der Pandemie. Mëttlerweil spiert een de Corona-Virus jo sou gutt wéi guer net méi. Ech mengen dat ech am Numm vun eis all soe kann dat dat och sou bleiwe soll.

Quell fir d'Chronik vun den Decisiounen déi wéinst Covid vun der RWTH getraff guff an d'Zitater vum Dezernat 3.0: <https://blog.rwth-aachen.de/corona/page/39/>